



N° 6629
Entrée le 08.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.08.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeelegung weiderzeleeden.

De 4ten August ass um Sprengplatz vun der Berliner Police ee Feier ausgebrach. Dat explosiivt Material, wéi Bomen a Feuerwierkskierper ass dobäi a Brand geroden an explodéiert. D'Feier huet sech séier ausgebreet a konnt och 5 Deeg méi spéit nach net ganz geläschgt ginn.

Hei am Land kämpfe mir momentan och géint Dréchant an d'Waldbrandgefor ass erhéischt. D'Lëtzebuerger Arméi huet an deem Kontext och Dépôte mat explosivem Material a Waffen a Bëscher.

An deem Zesammenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Gesäit de Minister och hei zu Lëtzebuerg eng zousätzlech Gefor duerch d'Dréchant wat dës Dépöten ugeet? Wa jo, wat fir Schrëtt gi geholl, fir d'Entflame vun dësem Material esou wäit wéi méiglech ze verhënneren? Wa nee, firwat net?
2. Wat fir Schrëtt si virgesinn, sollt esou een Dépôt a Flame geroden?
3. Wéi zu Berlin, läit och hei zu Lëtzebuerg d'Autobunn A7 net wäit ewech vun dësem Dépôt. Wéi eng Schrëtt si an deem Kontext virgesinn, sollt den Dépôt a Flame geroden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu